© Claude Piscitelli

FR
S43

LOGEMENTSFOIRE

10. EDITIOUN VUN URBAN LIVING

Vum 15. bis 17. November fënnt d'Logementsfoire Urban Living statt – dëst Joer fir d'éischte Kéier am Hall O beim Parc des Sports zu Uewerkuer. Soss bleift alles beim Alen.

Den Urban Living gouf déi éischte Kéier am Mäerz 2009 organiséiert. Zënterhier ass dëse Weekend, dee sech ganz dem Logement verschriwwen huet, ëmmer méi erfollegräich ginn. D'Offer huet sech am Laf vun de Jore vergréissert an haut ass dës Foire ee wichtegen Event fir jiddereen am Süden, deen op der Sich no deem passende Logement ass, sief et Studio, Wunneng oder Haus.

Op der Foire sinn engersäits Expert*innen aus der Immobilien-, Versécherungs- oder Finanzbranche mat Offeren a perséinlecher Berodung fir Iech do. Anerersäits riicht dës Foire sech net just un d'Leit op der Sich no enger Wunneng, well och d'Handwierk ass ëmmer nees vertrueden. Dëst Joer sinn an dësem Beräich souwuel e Spezialist fir Fënsteren an Dieren, Garagëpaarten, Rolllueden oder Sonneschutz wéi och e spezialiséierten Designer fir italienesch Kichen op der Plaz, fir Iech Iddien an Informatioune mat op de Wee ze ginn.

ERSCHWÉNGLECHE WUNNRAUM

De Logement ass a bleift eng Prioritéit fir d'Stad Déifferdeng. An der leschter Editioun huet den DIFFMAG Iech de *Project Gravity* virgestallt, wou d'Stad Déifferdeng iwwer 40 Milliounen Euro investéiert, fir 80 Wunnengen ze kafen. D'Zil ass, selwer d'Hand iwwert dës Logementer ze hunn an e konkrete Bäitrag zum abordabele Wunnraum ze leeschten. Stéchwuert erschwéngleche Wunnraum: Och de Fonds de Logement, d'Société d'Habitations à Bon Marché an d'Agence immobilière sociale Kordall sinn um Urban Living vertrueden. Donieft erwaarden Iech e *Kids Corner* (mat Kannerbetreiung) souwéi Iessens- a Gedrénksstänn.

Freides owes tëscht 17 an 20 Auer erwaart Iech den Urban Living wéi gewinnt zu engem flotten After Work. Hei kënnt Dir Äre Weekend an engem entspaante Kader ufänken. Ëm d'musikalesch Ambiance këmmert sech ThalamusProject (Oliver Glassl & Massimo Savo) mam Nathalie Morettoni als Guest.

Kommt laanscht a maacht Iech e Bild iwwer d'Entwécklung vun eiser Stad.

WOU?

Hall O
Avenue du Parc des sports,
Uewerkuer

WÉINI?

- Freideg, 15. November
  16-21 Auer
- Samschdeg, 16. November
  14-19 Auer
- Sonndeg, 17. November
  10-18 Auer

WÉI KOMMEN ECH DOHIN?

Profitéiert vum ëffentlechen Transport, den Hall O ass mam Zuch (Gare Oberkorn) oder Bus (Arrêt Aquasud & Centre sportif) ze erreechen. Dir kënnt och eis Vël'OKen notzen (Statioun Aquasud).

Wann et den Auto muss sinn, kënnt Dir am Parkhaus „Parc des Sports" parken, deen op Foussdistanz zum neien Hall polyvalent ass.